N°1005
Entrée le 15.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op meng Froen n°165, 387 an 831 huet d'Mobilitéitsministesch mir Zuele geliwwert betreffend de Fuerpersonal bei den CFL. Wann een sech dës Zuelen ukuckt, fält op, dass 2023 virun allem d'Lokféierer vill Deeg usammelen duerch net liquidéiert Roudeeg.

D'Roudeeg si virun allem do, fir dass d'Lokféierer tëschent hire Schaffwochen eng Paus aleeën, fir sech kierperlech a mental kënnen z'erhuelen. Manner Roudeeg bedeit manner Repos an doduerch méi Middegkeet, manner Leeschtungsfäegkeet an ee Risiko fir d'Gesondheet.

Op meng lescht Fro hat d'Ministesch geäntwert:
"*Den CFL-Personalstatut gesäit vir, datt „dans la mesure du possible" jiddereen duebel Roudeeg (2 Roudeeg hannereneen) soll kréien. En isoléierten Roudag ass définéiert mat minimum 38 Stonnen. En duebelen Roudag ass définéiert mat minimum 62 Stonnen. Den CFL-Personalstatut kennt kéng Reegel vu 44 Stonnen.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hunn all d'Lokféierer an der Reegel mindestens zwee Rouhdeeg à 62 Stonnen Paus tëschent zwou Aarbechtswochen?
   Falls nee, wéi oft ass dat vun 2020 bis 2023 net de Fall gewiescht?

2. Hunn all d'Lokféierer an der Reegel mindestens ee Rouhdag à 38 Stonnen Paus tëschent zwou Aarbechtswochen?
   Falls nee, wéi oft ass dat 2020 bis 2023 net de Fall gewiescht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten